



Äntwert vum Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten op d'parlamentaresch Fro n° 8108 vum 27. Juni 2023 vun der Madamm Deputéiert Nancy Arendt.

Déi honorabel Deputéiert stellt sech eng Rei Froen am Zesummenhang mam Bilan vun de Verkéiersaccidenter am Beräich vun der net motoriséierter Mobilitéit.

Kuckt een sech d'Zuele vun den Accidenter am Kader vun der mobilité douce un, esou ergëtt sech folgend Bild:

Année	Bicyclettes + e-bikes		Piétons		Autres véhicules sans moteurs (calèche, MVE)*			Engin de déplacement personnel**	
	Tués	Blessés graves	Tués	Blessés graves	Tués	Blessés graves	Tués	Blessés graves	
2018	3	14	3	34	0	0	/	/	
2019	0	22	2	41	0	1	/	/	
2020	3	35	4	32	0	0	/	/	
2021	0	27	5	32	0	4	/	/	
2022	1	27	3	33	0	6	0	1	
Total	7	125	17	172	0	11	0	1	

* MVE (micro véhicule électrique) ginn eréischt zanter 2021 erfaasst

** Engin de déplacement personnel ginn eréischt zanter 2022 erfaasst

Aus dëser Opstellung gëtt ersichtlech, datt mir an dësem Zäitraum 17 déidlech verongléckt Foussgänger ze bekloen haten, wat déi héiflechste Kategorie duerstellt, an op zweeter Plaz d'Vëloer mat 7 Affer. Bei deenen anere Kategorien haten mir keng déidlech Accidenter.

Iwwert d'Ursaache vun deenen eenzelnen Accidenter an iwwert eng eventuell Implikatioun vun drëtte Persounen gi keng Statistike gefouert.

Lëtzebuerg, de 25. Juli 2023

De Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten

(s.) François Bausch